Groupe parlementaire

Här Serge Wilmes
Minister fir d'Fonction publique
10, Avenue John F. Kennedy
L-1855 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. September 2024

**Ëffentleche Bréif un de Minister fir d'Fonction publique**

Kopie un den Här Educatiounsminister

Betrëfft: Beruffsethik a Behuele vum Fonctionnaire géintiwwer gewielte Volleksvertrieder

Här Minister fir d'Fonction publique,

freides, den 20. September, huet den Här Jeff Engelen – op Aluedung an a senger offizieller Funktioun als Deputéierten – zu Ettelbréck deelgeholl un enger Commemoratiounsfeier mam Numm „Aweiung vum neie Monument mat Erënnerungsfeier fir ons zwangsrekrutéiert Jongen a Meedercher". Och den Direkter vun der Akerbauschoul, Tom Delles, war op dësem Evenement present.

Am Laf vun dëser Commemoratiounsfeier ass et zu engem Tëschefall komm, wou de besoten Direkter den Deputéierte Jeff Engelen ëffentlech humiliéiert a beleidegt huet - an dëst op eng Manéier, datt all déi aner Leit, déi op der Feier present waren, et och matkruten. Ënner anerem huet den Direkter dem Jeff Engelen virgeheit, hie sollt „sech schummen" un dëser Feier deelzehuelen - e Virworf, deen den Akerbauschouldirekter och schrëftlech an engem Bäitrag op de soziale Medie widderholl huet.

De Jeff Engelen, dee benevole zanter Joren de Misär vum Krich, speziell an den Éisleker Dierfer, opschafft, war déif enttäuscht doriwwer, op enger ëffentlecher Veranstaltung a senger Funktioun als gewielte Volleksvertrieder op esou eng Manéier humiliéiert a beleidegt ze ginn.

An deem Kontext stelle sech eng Rei Froen iwwert d'Beruffsethik vum Fonctionnaire, ënner anerem,

- ob et legitim ass, datt eng Persoun, déi op engem Evenement als Vertrieder vun der Fonction publique optrëtt, e gewielte Volleksvertrieder, deen a senger Funktioun als Deputéierten op eng Feier invitéiert ass, ëffentlech humiliéieren a beleidegen däerf;
- a wat fir Konsequenzen deen uewe beschriwwenen Tëschefall no sech zitt.

Heimat géife mir den Här Minister fir d'Fonction publique gär ëm eng Stellungnam bieden.

Mat déiwem Respekt,

| | | | |
|---|---|---|---|
| Alexandra Schoos | Fred Keup | Tom Weidig | Dan Hardy |
| Deputéiert | Deputéierten | Deputéierten | Deputéierten |


To De

3 Tage ·

Zielt och fir Lëtzebuerg. A besonneg fir déi verlugen AnetDR Memberen déi och nach ouni Schimmt sech trauen u Gedenkfeieren fir d'Affer vun de Nazien deelzehuelen.

ADR  - Alternativ Demokratesch Reformpartei schummt iech!

#haartgéintriets... Mehr anzeigen




[22. 09. 2024]

To De
4 Tage ·

Ech wor gëschter invitéiert op d'Aweiung vum neie Monument « ons Jongen a Meedercher – zwangsrekrutéiert 1942-1945 » zu Ettelbréck. An dat wat ech schonn am Virfeld gefaart hunn, ass natierlech agetratt. Well an der éischter Rei souz natierlech e Vertrieder vun der ADR an dat a Persoun vum Jeff Engelen.

Ech krut mech net iwwerwonnen him d'Hand ze ginn, mee hunn him gesot ech géing mech froe wéi hien do setze kéint ouni rout ze ginn an op hien sech net schumme géing, bei enger Feierlechkeet zum Undenken un Affer vun enger vun den däischtersten Zäiten déi Lëtzebuerg kannt huet, eng Partei ze representéieren, déi net nëmmen déi lescht Méint eng Hexejuegd op eng Schouldirektesch gemaach huet, well si hir Ex-Schüler*innen virun de Gefore vun engem neien Opflame vu Rietsextremismus an der Welt gewarnt huet, mee eng Partei déi och ëmmer nees Opfält duerch Memberen déi nazifrëndlech Aussoe gemaach hunn oder mat Nazisymboler a.ä. poséieren.

Den Inhalt vun deene verschiddene Rieden huet mech derzou bruecht mech ëmmer méi iwwert déi Präsenz vum Här Engelen opzereegen (genausou wéi iwwert d'Präsenz vun aneren ADR-Deputéierte bei anere Gedenkfeieren déi lescht Wochen an och, dass d'ADR an hir Memberen dann ëmmer ganz houfreg, awer a mengen An hypokritesch, Posten dozou veréffentlecht hunn) (sou wéi den Tom Weidig nach haut wéi hien un enger Gedenkfeier zu Hinzert deelgeholl huet)

(...)

- Jo an dann nach de Jeff Engelen : « de feine Monni aus der Noperschaft » wéi hien anscheinend am Éislek gesi gëtt. Mee wéi ass et mat senger Ofgrenzung zu Extremisten, wann hien der Meenung ass « Man müsse mit Rechts- wie mit Linksextremen reden können » (Quell : https://www.woxx.lu/rechtsruck-in-luxemburg-gefangen-in.../). An ech da muss ech un en Zitat vun engem Ausschwitziwwerliewende denken : "Nicht Hitler, Göring, Goebbels (...) und alle wie die hießen, haben mich verschleppt und geschlagen. Nein, es war der Schuster, der Nachbar, der Greißler, der Milchmann, der Postmann, der eine Uniform bekommen hat." (Karl Stojka) (Quell : https://x.com/freddy2805/status/1221839404983095296 )

[21. 09. 2024]